



N°7127
Entrée le 07.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.11.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleden.

Ëmmer nees héiert ee Kloen doriwwer, dass vill Zich bei der CFL onpünktlech solle sinn oder Zich carrement ganz ausfalen. Och Feeler innerhalb vun der Mobilitéitsapp goufen eis zougedroen, zum Beispill, dass en Zuch géif ausfale fir dann awer ze fueren.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Opgelëscht pro Mount fir d'Joer 2022, no den eenzelen Zuch - oder Buslinnen an no der Dauer vun de Retarden, wéi dacks koum en Zuch oder Bus mindestens 3 Minutt ze spéit?
2. Wat war de maximale Retard, deen en Zuch oder Bus an dësem Joer hat an op wat fir enger Zuch- a Buslinn war dat?
3. Wéi dacks, opgelëscht pro Zuch- a Buslinn a pro Mount, sinn Trajete komplett ausgefall an aus wat fir enge Grënn?
4. Wéi dacks koum et zu Feeler bei der App, dass zum Beispill falsch Informatiounen affichéiert goufen?
5. Wat ass generell de Prozentsaz vun den verspéiten Zich a Busser vum CFL pro Mount 2022?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten





Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7127 vum 7. November 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

Hei ënnen drënner fann Dir een Tableau mam Taux pro Linn a pro Mount vun den Zich, déi während der Periode vu Januar bis Oktober 2022 ee Retard vu méi wéi 6 Minutten opgewisen haten:

Mois	10	30	50	60	70	90	Total
1	3,0%	3,5%	2,0%	5,0%	9,7%	8,5%	4,7%
2	3,0%	2,9%	2,9%	4,8%	8,9%	9,7%	4,8%
3	3,7%	2,6%	3,2%	5,6%	6,5%	11,0%	5,1%
4	3,2%	2,8%	1,6%	3,8%	4,1%	9,6%	4,0%
5	3,8%	3,7%	2,3%	3,9%	5,0%	10,4%	4,4%
6	6,4%	5,8%	3,6%	5,3%	4,1%	11,9%	6,0%
7	4,8%	2,6%	3,1%	5,5%	3,8%	12,6%	5,2%
8	6,6%	10,4%	1,8%	7,9%	4,9%	11,2%	7,2%
9	13,4%	5,9%	2,7%	9,8%	5,5%	15,2%	9,3%
10	10,7%	2,8%	3,6%	6,9%	11,2%	13,3%	8,1%
Total	5,9%	4,4%	2,7%	5,9%	6,4%	11,4%	5,9%

Et sief hei ze bemierken datt sech d'Definitioun vun engem Retard op déi europäesch Richtlinnen baséiert, laut deenen een Zuch ab 6 Minutten als onpénktelech consideréiert gëtt.


D'CFL féiere keng Statistik iwwert de maximale Retard vun engem Zuch, well deem bei der Analyse vun der Pénktelechkeet vun den Zich net relevant ass. De Pénktelechkeetstaux vun den Zich gëtt ermëttelt iwwert d'Unzuel vun den Zuchfaarten déi Retard haten, géigeniwwer der Gesamtunzuel u geplangten Zuchfaarten.

Hei ënnen drënner fann Dir een Tableau mam Taux pro Linn a pro Mount vun den Zich, déi während der Periode vun Januar bis Oktober 2022 ausgefall waren:

Mois	10	30	50	60	70	90	Total
1	0,7%	0,3%	3,1%	1,6%	2,1%	1,8%	1,4%
2	2,3%	1,6%	3,1%	2,1%	3,0%	3,7%	2,4%
3	1,1%	0,6%	1,7%	1,0%	1,9%	5,4%	1,6%
4	1,8%	0,9%	1,2%	0,8%	0,6%	4,5%	1,5%
5	1,0%	0,5%	3,6%	0,8%	1,0%	1,7%	1,2%
6	1,7%	0,7%	2,2%	1,1%	2,4%	2,3%	1,6%
7	1,1%	0,2%	1,8%	1,7%	1,3%	7,7%	1,9%
8	1,8%	1,0%	1,2%	2,1%	1,5%	2,0%	1,7%
9	3,8%	2,5%	3,1%	3,3%	2,4%	7,4%	3,6%
10	1,6%	0,6%	6,0%	1,3%	1,1%	5,7%	2,2%
Total	1,7%	0,9%	2,8%	1,6%	1,7%	4,3%	1,9%

D'Ursaache vun dëse Suppressiounen sinn a folgend Kategorien opgedeelt:

Causes des suppressions 2022



De folgenden Tableau weist unhand vun enger Rei u Beispiller, wat fir eng Zort un Tëschefäll ënnert déi eenzel Kategorie falen:

Nëtverfügbarkeet vun den Eisebunnsinstallatiounen:	<ul style="list-style-type: none"> • Stéierung op enger Barrière oder enger Weich; • Stéierung un de Sécherheetsinstallatiounen; • Stéierung un den Télécommunicatiounsininstallatiounen
Nëtverfügbarkeet vu Rullmaterial:	<ul style="list-style-type: none"> • Problem mat der Maschinn; • Pann vu Sécherheitssystemer um Zuch (ETCS)
Iwwerschreidung vun der Haltezäit an Zäitverloscht op der Streck:	<ul style="list-style-type: none"> • Eran/Erausklamme vu Reesende mat ageschränkter Mobilitéit; • Oppen Dier; • Erausklamme mat Vëlo
Importéiert Verspéidungen aus Nopeschréseauen:	<ul style="list-style-type: none"> • Verspéidungen op de Grenzpunkte beim Antrëtt an d'Land
Extern Grënn:	<ul style="list-style-type: none"> • Streik um Nopeschréseau; • Extern Aflëss (all Virfall provoziert duerch een Drëtten); • Klimatesch Aflëss a natierlech Ursachen
Virfäll Accidenter:	<ul style="list-style-type: none"> • Accident mat Persounen; • Entgleisung/Collisioun vun Zich; • Alarm; • Iwwerschreide vun engem Signal
Domino Effekt:	<ul style="list-style-type: none"> • Iwwerlaaschtung an der Gare; • Zousätzlech Verspéidung déi duerch den Décalage vun engem aneren Zuch entsteet
Aarbechten:	<ul style="list-style-type: none"> • Iwwerschreidung vun der Zäitvirgab vun der Verkéiersënnerbriechung fir d'Duerchféierung vu geplangten Aarbechten; • Schied déi während den Aarbechten entstane sinn; • Ofweichungen an den Aarbechtsdokumenter

D'CFL verfügen iwwert keng Detailer, wéi dacks datt et zu enger Feelinformatioun op der Mobilitéitsapp koum ass.

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch